staark kanner



BERECHNUNG VUN DER FINANZIELLER BEDEELEGUNG VUN DEN ELTEREN



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Inhalt

1. Berechnung vum Akommes vum Stot 3

2. Tariftabell no Akommes vum Stot 4

3. Berechnung vum CSA fir Eltere mat garantéiertem Mindestloun (RMG) 7

4. Tarifberechnung nom Genre vun der Betreiungsstruktur 8

5. Besonnesch Avantagë jee no Alter vum Kand 10

6. Ofrechnung 10

Fir all d'Famillen ze ënnerstëtzen, awer virun allem déi, déi d'Hëllef am meeschte brauchen, gëtt bei der Berechnung vum CSA der familiärer Situatioun Rechnung gedroen.

Fir d'Héicht vun der staatlecher Ënnerstëtzung (d. h. vum CSA) an d'Partizipatioun vun den Elteren ze bestëmmen, ginn déi heite Kriterie berücksichtegt:

- d'Akommes vum Stot, an deem d'Kand lieft (bestueten, gepacsten an net-bestuete Koppele gi bei der Berechnung d'selwecht behandelt);
- d'Zuel vun de Kanner, fir déi et Kannergeld gëtt, an de Rang vum Kand an der Folleg vun de Geschwëster
- d'Aart vun der Betreiungsstruktur (kollektiv Betreiungsstruktur oder Dageselteren)
- d'Zuel vun de Stonnen, déi d'Kand an enger Betreiungsstruktur verbréngt
- besonnesch Virdeeler jee no Alter vum Kand (20 gratis Betreiungsstonne fir Kanner vun 1 bis 4 Joer an enger kollektiver Betreiungsstruktur).

Den Deel, deen d'Eltere musse bäisteieren, gëtt op Basis vum Akommes berechent, dat muss versteiert ginn. Wat d'Eltere soss un Hëllef kréien (Allocations familiales, Allocation de rentrée scolaire, Allocations de naissance, finanziell Ënnerstëtzunge vun de Sozialbüroen oder privaten Hëllefswierker) gëtt net mat agerechent.

1. Berechnung vum Akommes vum Stot

D'CSA-Tariffer ginn op Basis vun der Zuel vun de Kanner a Jugendlechen, fir déi et Kannergeld gëtt an déi zum Stot vum gesetzleche Vertrieder gehéieren, souwéi vum Rang vum Kand an der Folleg vun de Geschwëster vun dëser Familljegemeinschaft berechent. Dobäi ass et egal, ob et sech ëm eng zesummegesate Famill handelt oder net.

Den CSA-System mécht keen Ënnerscheed tëschent bestuetenen, gepacsten an net-bestuetene Koppelen.

- Lieft de gesetzleche Vertrieder mam Kand an deem nämmlechte Stot, gëtt bei der Berechnung d'Akommessituatioun vum gesetzleche Vertrieder zugronn geluecht, mat deem d'Kand am Stot lieft.
- Liewen d'Eltere vum Kand net an engem gemeinsame Stot, gëtt bei der Berechnung d'Akommessituatioun vun deem Elterendeel zugronn geluecht, deen d'Kand zu senge Laaschten huet, plus den Ënnerhalt vun deem aneren Elterendeel, deen d'Kand unerkannt huet.
- Bezilt deen aneren Elterendeel keen Ënnerhalt fir d'Kand, gëtt dee Betrag berücksichtegt, dee vum Riichter op Ufro vum Berechtegte vum Ënnerhalt festgeluecht gouf. Vun der ganzer oder engem Deel vun der Zomm gëtt ofgesinn, wann den Ënnerhaltsberechtegten aus Grënn, op déi e keen Afloss huet, dës Alimenter net ka kréien oder en duerch Entscheedung vun den zoustännegen Autoritéiten net ka profitéiere vum Gesetz vum 26. Juli 1980 iwwer Avancen an Inkasso vun Alimenten duerch den nationalen Solidaritéitsfong.

- An engem zesummegesate Stot setzt sech d'Akommes, dat als Basis déngt, aus dem Akommes vum gesetzleche Vertrieder, dee mat sengem Kand an deem Stot lieft, den Alimenten, déi fir dat Kand bezuelt ginn, an dem Akommes vum neie Partner, mat deem en an dëser zesummegesater Famill lieft, zesummen. Den zesummegesate Stot besteet aus enger bestuetener oder onbestuetener Erwuessenekoppel an op d'mannst engem Kand aus enger fréierer Bezéiung vun engem vun de Partner. An engem zesummegesate Stot gëtt nëmmen dat Kand oder dee Jugendlechen, dat oder dee Kannergeld kritt an dat oder dee mat sengem gesetzleche Vertrieder an dësem Stot lieft, bei der Berechnung vum CSA berücksichtegt.
- Ass d'Kand an engem Kanner- oder Jugendheem oder soss enger Struktur ënnerbruecht, ginn d'CSA-Leeschtunge vum Staat iwwerholl; d'Tariffer sinn déi vun der Akommeskategorie R > 4-fache soziale Mindestloun.
- Ass d'Kand an enger Fleegefamill ënnerbruecht, ginn d'CSA-Leeschtungen op Basis vun der Akommessituatioun vun der Fleegefamill berechent. Fleegekanner an eege Kanner vun der Famill ginn an d'Berechnung mat abezunn.
- Am Fall vun enger paritätescher Kannerbetreiung gëtt d'Akommes vu béiden Elterendeeler berücksichtegt. An dësem Fall eenegen sech d'Elteren dorop, wien de gesetzleche Vertrieder vum Kand ass, deen am Optrag vum Kand d'Leeschtunge vum CSA-System an dem méisproochege Programm bezitt.

2. Tariftabell nom Akommes vum Stot

D'CSA-Tariffer, déi Uwendung fannen, erginn sech aus der finanzieller Bedeelegung vun den Elteren:

Tariftabell: Finanziell Bedeelegung vun den Eltere fir d'CSA-Betreiung

Maximal staatlech Hëllef	
Betreiungsstruktur	6 €/Stonn
Dageselteren	3,75 €/Stonn

Kategorie vun der Kaart	Kanner am Stot	Alter vum Kand	Stonnenblock 1	Stonnenblock 1	SStonnenblock2	Stonnenblock 2	Stonnenblock 3	TStonnenblock 3	Tarif Hauptmahlzeit
Prekär Situatioun a sozial Ausgrenzung oder garantéierte Mindestloun (RMG)	1	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	26 Stonnen	0,50 €	gratis
	2	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	26 Stonnen	0,30 €	gratis
	3	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	26 Stonnen	0,15 €	gratis
	Vum 4. Kand un	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	26 Stonnen	gratis	gratis
Akommes ënner dem 1,5-fache soziale Mindestloun	1	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	0,50 €	26 Stonnen	0,50 €	0,50 €
	2	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	0,30 €	26 Stonnen	0,30 €	0,50 €
	3	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	0,15 €	26 Stonnen	0,15 €	0,50 €
	Vum 4. Kand un	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	26 Stonnen	gratis	0,50 €
Akommes ënner dem 2-fache soziale Mindestloun	1	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	1,00 €	26 Stonnen	1,50 €	1,00 €
	2	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	0,70 €	26 Stonnen	1,10 €	1,00 €
	3	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	0,35 €	26 Stonnen	0,55 €	1,00 €
	Vum 4. Kand un	All Kanner	13 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	26 Stonnen	gratis	1,00 €
Akommes ënner dem 2,5-fache soziale Mindestloun	1	All Kanner	8 Stonnen	gratis	21 Stonnen	1,50 €	31 Stonnen	2,50 €	1,50 €
	2	All Kanner	8 Stonnen	gratis	21 Stonnen	1,10 €	31 Stonnen	1,80 €	1,50 €
	3	All Kanner	8 Stonnen	gratis	21 Stonnen	0,55 €	31 Stonnen	0,90 €	1,50 €
	Vum 4. Kand un	All Kanner	8 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	31 Stonnen	gratis	1,50 €
Akommes ënner dem 3-fache soziale Mindestloun	1	All Kanner	8 Stonnen	gratis	21 Stonnen	2,00 €	31 Stonnen	3,50 €	2,00 €
	2	All Kanner	8 Stonnen	gratis	21 Stonnen	1,50 €	31 Stonnen	2,60 €	2,00 €
	3	All Kanner	8 Stonnen	gratis	21 Stonnen	0,75 €	31 Stonnen	1,30 €	2,00 €
	Vum 4. Kand un	All Kanner	8 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	31 Stonnen	gratis	2,00 €
Akommes ënner dem 3,5-fache soziale Mindestloun	1	All Kanner	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	2,50 €	36 Stonnen	4,50 €	2,00 €
	2	All Kanner	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	1,80 €	36 Stonnen	3,30 €	2,00 €
	3	All Kanner	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	0,90 €	36 Stonnen	1,65 €	2,00 €
	Vum 4. Kand un	All Kanner	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	36 Stonnen	gratis	2,00 €
Akommes ënner dem 4-fache soziale Mindestloun	1	Klengt Kand	3 Stonnen	3,50 €	21 Stonnen	3,50 €	36 Stonnen	5,50 €	2,00 €
	2	Klengt Kand	3 Stonnen	2,70 €	21 Stonnen	2,70 €	36 Stonnen	4,10 €	2,00 €
	3	Klengt Kand	3 Stonnen	1,60 €	21 Stonnen	1,60 €	36 Stonnen	2,05 €	2,00 €
	Vum 4. Kand un	Klengt Kand	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	36 Stonnen	gratis	2,00 €
	1	Schoulkand	3 Stonnen	3,50 €	21 Stonnen	3,50 €	36 Stonnen	5,50 €	3,00 €
	2	Schoulkand	3 Stonnen	2,70 €	21 Stonnen	2,70 €	36 Stonnen	4,10 €	3,00 €
	3	Schoulkand	3 Stonnen	1,60 €	21 Stonnen	1,60 €	36 Stonnen	2,05 €	3,00 €
	Vum 4. Kand un	Schoulkand	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	36 Stonnen	gratis	3,00 €
Akommes ënner dem 4,5-fache soziale Mindestloun	1	Klengt Kand	3 Stonnen	4,00 €	21 Stonnen	4,00 €	36 Stonnen	6,00 €	2,00 €
	2	Klengt Kand	3 Stonnen	3,20 €	21 Stonnen	3,20 €	36 Stonnen	4,80 €	2,00 €
	3	Klengt Kand	3 Stonnen	2,10 €	21 Stonnen	2,10 €	36 Stonnen	2,40 €	2,00 €
	Vum 4. Kand un	Klengt Kand	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	36 Stonnen	gratis	2,00 €
	1	Schoulkand	3 Stonnen	4,00 €	21 Stonnen	4,00 €	36 Stonnen	6,00 €	4,50 €
	2	Schoulkand	3 Stonnen	3,20 €	21 Stonnen	3,20 €	36 Stonnen	4,80 €	4,50 €
	3	Schoulkand	3 Stonnen	2,10 €	21 Stonnen	2,10 €	36 Stonnen	2,40 €	4,50 €
	Vum 4. Kand un	Schoulkand	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	36 Stonnen	gratis	4,50 €
Akommes vum 4-fache soziale Mindestloun un	1	Klengt Kand	3 Stonnen	4,00 €	21 Stonnen	4,00 €	36 Stonnen	6,00 €	2,00 €
	2	Klengt Kand	3 Stonnen	3,20 €	21 Stonnen	3,20 €	36 Stonnen	5,60 €	2,00 €
	3	Klengt Kand	3 Stonnen	2,10 €	21 Stonnen	2,10 €	36 Stonnen	2,80 €	2,00 €
	Vum 4. Kand un	Klengt Kand	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	36 Stonnen	gratis	2,00 €
	1	Schoulkand	3 Stonnen	4,00 €	21 Stonnen	4,00 €	36 Stonnen	6,00 €	4,50 €
	2	Schoulkand	3 Stonnen	3,20 €	21 Stonnen	3,20 €	36 Stonnen	5,60 €	4,50 €
	3	Schoulkand	3 Stonnen	2,10 €	21 Stonnen	2,10 €	36 Stonnen	2,80 €	4,50 €
	Vum 4. Kand un	Schoulkand	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	36 Stonnen	gratis	4,50 €
Keng Informatioun iwwert d'Akommes	1	Klengt Kand	3 Stonnen	4,00 €	21 Stonnen	4,00 €	36 Stonnen	6,00 €	2,00 €
	2	Klengt Kand	3 Stonnen	3,20 €	21 Stonnen	3,20 €	36 Stonnen	5,60 €	2,00 €
	3	Klengt Kand	3 Stonnen	2,10 €	21 Stonnen	2,10 €	36 Stonnen	2,80 €	2,00 €
	Vum 4. Kand un	Klengt Kand	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	36 Stonnen	gratis	2,00 €
	1	Schoulkand	3 Stonnen	4,00 €	21 Stonnen	4,00 €	36 Stonnen	6,00 €	4,50 €
	2	Schoulkand	3 Stonnen	3,20 €	21 Stonnen	3,20 €	36 Stonnen	5,60 €	4,50 €
	3	Schoulkand	3 Stonnen	2,10 €	21 Stonnen	2,10 €	36 Stonnen	2,80 €	4,50 €
	Vum 4. Kand un	Schoulkand	3 Stonnen	gratis	21 Stonnen	gratis	36 Stonnen	gratis	4,50 €

D'finanziell Bedeelegung vum Staat ass op 60 Stonnen d'Woch begrenzt. All weider Stonn geet integral zu Laaschte vun den Elteren. Dës 60 Stonne sinn an dräi Tarifbléck agedeelt, jee no Akommes vum Stot.

1. Fir Stéit an enger prekärer Situatioun, déi sozial Ausgrenzung riskéieren oder de garantéierte Mindestloun (RMG) hunn:

- 34 gratis Betreiungsstonnen d'Woch
- 26 Betreiungsstonnen d'Woch zum Tarif 3

Déi fënnef Haaptmoolzechte pro Woch si gratis. All weidert Iesse geet zu Laaschte vun den Elteren.

2. Fir Stéit mat engem Akommes ënner dem zweefache soziale Mindestloun:

- 13 gratis Betreiungsstonnen d'Woch
- 21 Betreiungsstonnen d'Woch zum Tarif 2
- 26 Betreiungsstonnen d'Woch zum Tarif 3

Fënnef Haaptmoolzechte pro Woch ginn den Eltere mat 0,50 €oder 1,00 €a Rechnung gestallt. All weidert Iesse geet zu Laaschte vun den Elteren.

3. Fir Stéit mat engem Akommes tëschent dem 2-fachen an 3-fache soziale Mindestloun:

- 8 gratis Betreiungsstonnen d'Woch
- 21 Betreiungsstonnen d'Woch zum Tarif 2
- 31 Betreiungsstonnen d'Woch zum Tarif 3

Fënnef Haaptmoolzechte pro Woch ginn den Eltere mat 1,50 €oder 2,00 €a Rechnung gestallt. All weidert Iesse geet zu Laaschte vun den Elteren.

4. Fir Stéit mat engem Akommes tëschent dem 3-fachen an dem 3,5-fache soziale Mindestloun:

- 3 gratis Betreiungsstonnen d'Woch
- 21 Betreiungsstonnen d'Woch zum Tarif 2
- 36 Betreiungsstonnen d'Woch zum Tarif 3

Fënnef Haaptmoolzechte pro Woch ginn den Eltere mat 2,00 €a Rechnung gestallt. All weidert Iesse geet zu Laaschte vun den Elteren.

5. Fir Stéit mat engem Akommes iwwer dem 3,5-fache soziale Mindestloun:

- 3 gratis Betreiungsstonnen d'Woch
- 21 Betreiungsstonnen d'Woch zum Tarif 2
- 36 Betreiungsstonnen d'Woch zum Tarif 3

Fënnef Haaptmoolzechte pro Woch ginn den Eltere mat 2,00 €bis 4,50 €a Rechnung gestallt. All weidert Iesse geet zu Laaschte vun den Elteren.

3. Berechnung vum CSA fir Eltere mat garantéiertem Mindestloun (RMG)

Den CSA-System soll virun allem deene Kanner zeguttkommen, déi Aarmut oder sozial Ausgrenzung riskéieren, souwéi Kanner, déi a Stéit liewen, déi de garantéierte Mindestloun kréien (RMG).

Elteren, déi de garantéierte Mindestloun kréien, mussen e Certificat vum Nationale Solidaritéitsfong (Fonds national de solidarité) presentéieren, aus deem ervirgeet, datt si zu deem Moment RMG-Leeschtunge bezéien.

Wann Eltere just RMG-Zousazleeschtunge kréien, heescht dat, datt si zwar en eegent Akommes hunn, dat awer ënnert deem vum Staat festgeluechte Mindestloun läit. Fir d'Stéit alleguer gëllt, datt sech de Mindestbetrag a Funktioun vun den Erwuessenen a Kanner rechent, déi am Stot liewen.

Berücksichtegt ginn och déi Kanner, déi de Gemengeverwaltungen, Sozialbüroen oder den zoustännege Servicer vum Familljen- an Integratiounsministère no am Aarmutsrisiko liewen. Heifir gëtt et eng Rei vu Kriterien.

Dës Persounen oder Institutioune kënnen eng Demande, datt muss intervenéiert ginn, stellen:

- d'Gemeng vum Wunnuert vum Kand
- d'Schoul, an déi d'Kand geet, an zwar iwwer de President vun der Kommissioun fir schoulesch Inklusioun (Commission d'inclusion scolaire – CIS)
- eng psycho-sozial, sozialpädagogesch oder sozialmedezinesch Institutioun (z. B. Sozialbüro, Sozialmedezinesch Liga – Ligue médico-sociale), déi lokal Servicer vum Roude Kräiz, schoulmedezineschen Déngscht ...)
- en Dokter
- d'Elteren oder déi gesetzlech Vertrieder

D'Decisioun gëtt geholl vun

- der Gemeng oder
- dem Educatiounsministère (Ministère de l'education nationale, de l'enfance et de la jeunesse)

Wann néideg kann e positiven Avis vun engem psycho-sozialen, sozialpädagogeschen oder sozialmedezineschen Déngscht bei dës Decisioun derbäigeluecht ginn.

4. Berechnung vum Tarif jee no Betreiungsstruktur

D'Eltere kënnen hir CSA-Bonge fir d'Betreiung an enger SEA-Struktur (Service d'éducation et d'accueil) oder bei Dageselteren (Assistant parental – AP) notzen.

1) Berechnung vun den Tariffer a staatlech zougeloossene Betreiungsstrukturen

Déi finanziell Bedeelegung vun den Eltere gëtt par rapport zur effektiver Präsenz vum Kand an/oder deenen am Viraus ausgemaachten Zäite berechent, jee no de Modalitéiten, déi vum Gestionnaire vun der Struktur festgehale goufen.

Déi finanziell Hëllef vum Staat läit bei maximal 6 €/Stonn. D'Bedeelegung vun den Elteren ergëtt sech aus den Tariffer, déi am Bäitrëttskontrakt stinn. De Gestionnaire vun der Struktur an d'Eltere leeën zesummen d'Zuel vun den Stonne fest, déi pro Woch a Rechnung gestallt ginn. D'Zuel vun de Betreiungsstonnen an de Präis sinn an deem vun den Elteren an der SEA-Struktur ënnerschriwwene Betreiungskontrakt festgehalen.

Déi staatlech Hëllef pro Haaptmoolzecht läit bei maximal 4,50 € pro Kand fir maximal fënnef Moolzechten d'Woch. D'Moolzechte gi gesonnert ofgerechent. All zousätzlech Haaptmoolzecht mussen d'Elteren integral bezuelen.

2) Berechnung vun den Tariffer a kommerzielle Betreiungsstrukturen

Am Kader vum CSA ënnerschreift de Staat mat der Betreiungsstruktur e Kollaboratiounsofkommes. An dësem Ofkommes verflicht sech de Gestionnaire vun der Struktur, seng Leeschtungen iwwer den IT-System vum CSA ofzerechnen. Dëst Ofkommes reegelt och déi reegelméisseg Finanzhëllef vum Staat fir den SEA, déi sech aus der Differenz tëscht deem a Rechnung gestallte Präis an der finanzieller Bedeelegung vun den Elteren, déi am Bäitrëttskontrakt festgehale gouf, ergëtt, dëst awer just bis max. 6 €/Stonn (cf. hei ënnendrënner).

D'Gestionnairë bestëmmen de Stonnepräis. D'Gestionnairen an d'Eltere leeën duerno zesummen d'Zuel vun de Betreiungsstonne fest, déi pro Woch ze verrechne sinn. D'Zuel vun de Betreiungsstonnen an de Präis ginn an deem vun den Elteren an dem Gestionnaire vun der SEA-Struktur ënnerschriwwene Betreiungskontrakt festgehalen.

Déi staatlech Hëllef läit bei maximal 6 €/Stonn. D'Opdeelung vun de Käschten tëschent Staat an Elteren hänkt vun de Kriterien of, wéi se an der CSA-Tariftabell stinn, a gi fir all Kand am CSA-Bäitrëttskontrakt vermierkt.

A staatlech konventionéierten SEA-Betreiungsstrukture läit de Stonnesaz bei maximal 6,00 € Kommerziell SEA-Betreiungsstrukture kënnen e Supplement verlaangen, deen dann integral vun den Eltere muss bezuelt ginn. De Staat iwwerhëlt keng Käschte bei Kautiounen, Fraisë bei Aschreiwungen oder fir d'Dauer vun der Kënnegungsfrist, wann de Kontrakt gekënnegt gouf, d'Kand awer wärend der Kënnegungsfrist schonn net méi an der Struktur ass.

De Gestionnaire kann den Elteren zousätzlech Käschte rechnen, déi net vum CSA-System ofgedeckt sinn (z. B. Käschte fir den Transport tëscht dem Wunnuert an der Struktur).

Déi staatlech Bäihëllef pro Haaptmoolzecht läit bei maximal 4,50 € pro Kand fir maximal fënnef Haaptmoolzechten d'Woch. D'Moolzechte gi gesonnert ofgerechent. All zousätzlech Haaptmoolzecht mussen d'Elteren integral bezuelen.

3) Berechnung vun de Tariffer bei Dageselteren

Wéi déi kommerziell Betreiungsstrukture kënnen och d'Dageselteren hir Präisser fräi gestalten. Am Kader vum CSA ënnerschreift de Staat mat den Dageselteren e Kollaboratiounsofkommes, an deem sech d'Dageseltere verflichten, hir Leeschtungen iwwer den IT-System vum CSA ofzerechnen. Dëst Ofkommes reegelt och déi reegelméisseg Finanzhëllef vum Staat fir den SEA, déi sech aus der Differenz tëscht deem a Rechnung gestallte Präis an der finanzieller Bedeelegung vun den Elteren, déi am Bäitrëttskontrakt festgehale gouf, ergëtt (déi max. Bäihëllef ass ënnen opgefouert).

D'Agentur Dageselteren këmmert sech ëm d'Saisie vun den Donnéeën am IT-System vum CSA.

D'Dageseltere musse fir all Kand direkt en Aschreiwungsformulaire ausfëllen, dat se der Agentur Dageselteren schécken, fir datt d'Daten elektronesch kënnen erfaasst ginn. De Formulaire dréit den Datum an d'Ënnerschrëft vun den Dageselteren an den Elteren. Wann d'Servicer vun den Dageselteren net méi an Usproch geholl ginn, gëtt en Austrëttsformulaire ausgefëllt.

Déi finanziell Bedeelegung vun den Eltere gëtt opgrond vun deenen nämmlechte Prinzipie wéi bei de kommerzielle Strukture gerechent. D'CSA-Tariffer, déi am Bäitrëttskontrakt stinn, ginn a Funktioun vum Präis, deen d'Dageseltere verrechnen, applizéiert.

Basis fir d'Ofrechnung ass en eenheetleche Stonnepräis, deen d'Dageselteren an d'Eltere mateneen ofmaachen (ee Präis fir d'Betreiung dagsiwwer, an der Nuecht, de Weekend an op Feierdeeg). Dës Donnéeë mussen am Betreiungskontrakt, deen d'Dageseltere mat den Elteren ënnerschreiwen, festgehale ginn.

Déi finanziell Bäihëllef vum Staat läit bei maximal 3,75 €pro Stonn fir d'Betreiung dagsiwwer tëscht 7:00 an 19:00 Auer. D'Dageseltere kënnen allerdéngs méi héich Präisser froen. Alles, wat awer iwwer dës 3,75 €erausgeet, muss integral vun den Eltere bezuelt ginn. Dëse Supplement steet och op der Rechnung.

Fir d'Betreiung wiertes tëscht 19:00 a 07:00 Auer (Nuetsbetreiung), de Weekend an op Feierdeeg leet de Staat nach eemol 0,50 €pro Stonn bäi. De Stonnepräis, deen d'Eltere fir d'Nuetsbetreiung resp. d'Betreiung de Weekend oder op Feierdeeg musse bezuelen, klëmmt net par rapport zum Präis fir d'Dagesbetreiung.

Fir all Ofrechnungszäitraum mussen d'Dageseltere pro Kand e Leeschtungsblat ausfëllen, dat um Enn vum Ofrechnungszäitraum un d'Agentur Dageselteren geet. Op dësem Blat stinn déi tatsächlech Betreiungszäiten an d'Zuel vun de Moolzechten, déi bei den Dageseltere giess goufen.

D'staatlech Bäihëllef pro Haaptmoolzecht läit bei maximal 4,50 € pro Kand fir maximal fënnef Haaptmoolzechten d'Woch. D'Moolzechte gi gesonnert ofgerechent. D'Käschte fir zousätzlech Haaptmoolzechte ginn integral zu Laaschte vun den Elteren.

.

5. Besonnesch Avantagë jee no Alter vum Kand

PParallel zu den CSA-Tariffer huet all Kand vun engem Joer un a bis et an d'Schoul geet Recht op eng finanziell Bäihëllef am Kader vum méisproochege Programm, dat d'Kanner un déi lëtzebuergesch resp. franséisch Sprooch eruféiere soll. Den Zougang zum méisproochege Programm hänkt dovun of, ob Plazen an den CSA-Bildungs- a Betreiungsstrukture fräi sinn. D'Dageseltere maachen net beim méisproochege Programm mat, well si déi néideg Bedingungen net erfëllen (virun allem a puncto Sproochenoffer).

D'Kand huet Usproch op maximal 20 gratis SEA-Betreiungsstonne pro Woch wärend 46 Wochen am Kalennerjoer.

D'Offer vum méisproochege Programm ka mat de Bäihëllefen am Kader vun der CSA-Betreiung kumuléiert ginn. Zu den 20 gratis Betreiungsstonne kommen déi gratis Stonnen derbäi, déi de Stéit mat engem Akommes vu bis zum 3-fache soziale Mindestloun zeguttkommen.

D'Offer vum méisproochege Programm ass net kumuléierbar mat der Vollzäitbetreiung vum Kand am Precoce (fënnef Muerenter an dräi Nomëtteger). D'Offer vun der méisproocheger Erzéiung ass awer kumuléierbar mat der Aschreiwung vum Kand an de Precoce, wann et manner wéi fënnef Muerenter an dräi Nomëtteger dës Betreiung an Usproch hëlt. An deem Fall kommen dem Kand bis zu 10 gratis Wochestonne vun der méisproocheger Erzéiung wärend 46 Wochen am Kalennerjoer zegutt.

6. Ofrechnung

D'Ofrechnung geschitt iwwer en zentralen IT-System, deen déi finanziell Bedeelegung vun den Eltere ausrechent: Grondlag sinn déi perséinlech Angaben, déi d'Eltere beim Bäitrëtt zum CSA-System gemaach hunn (virun allem Akommes a Rang vum Kand an der Folleg vun de Geschwëster), den Tarif, deen d'Betreiungsstruktur verrechent, an d'Zuel vun de Betreiungsstonnen, déi den SEA-Gestionnaire oder d'Dageselteren uginn hunn. En Ofrechnungszäitraum vun engem Mount entsprécht der Zäit vum 1. Méindeg vum Mount bis zum Sonndeg virum éischte Méindeg vum nächste Mount. Den Ofrechnungszäitraum kann also tëscht 4 a 5 Woche variéieren. D'Zomm, déi den Eltere verrechent gëtt, kann also mol méi héich a mol méi déif ausfalen.

D'Ofrechnunge vun all Mount kënnen am gesécherte Beräich http://csa.staarkkanner.lu gekuckt ginn.